ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Juli 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Nieft deene Leit, déi sech bewosst géint d'Covid-Impfung entscheeden, ginn et och Leit, déi sech net kënnen impfe loossen. Déi Leit duerfen net geimpft ginn, well si eng bestëmmte Krankheet hunn, respektiv Medikamenter oder Behandlunge kréien, déi net mat der Impfung kënne kombinéiert ginn.

An deem Kontext wéilt ech der Madamm Gesondheetsminister gär folgend Froe stellen:

1. Kann d'Madamm Minister soen, wat fir Leit, respektiv wat fir Gesondheetsprofiller net zougelooss si fir d'Covid-Impfung?
2. Huet d'Madamm Minister Kenntnesser doriwwer, wéi vill Leit zu Lëtzebuerg an där Situatioun sinn, datt si net kënne geimpft ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten